

Et zielt dat geschwate Wuert

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech wëll lech all ganz häerzlech um I. Mee vum LCGB hei zu Réimech begréissen.

Als alleréischt wëll ech vun de Geleeënheet profitéieren, fir eisem fréiere Staatschef, dem Grand-Duc Jean, säi Liewen ze éieren. Am Numm vum LCGB drécken ech der ganzer groussherzoglecher Famill eist häerzlechst Bäileed aus.

De Grand-Duc Jean war een aussergewöhnleche Mënsch, deen ëmmer versicht huet, ee perséinleche Besuch zu de schaffende Leit ze hunn. Hien huet sech konsequent dofir engagéiert a interesséiert, wat am Aarbechtswelt geschitt.

Duerch seng Präsenz op deene verschiddensten Evenementer an der Aarbechtswelt, war hien ëmmer no beim Bierger a konnt sech esou e Bild iwwer d'Problemer vun de Leit maachen.

Säit dem 2. Weltkrich huet den Grand-Duc Jean sech awer och fir Lëtzebuerg, fir d'Fräiheet an eis Wäerter an Iwwerzeegungen agesat. Als iwwerzeegten Europäer huet hien sech all déi Joren duerno fir d'Iddi vum gemeinsamen Europa agesat. Déi sozial Problemer zu Lëtzebuerg an an Europa waren ëmmer eng Prioritéit fir hien.

Seng Mënschlechkeet a säin Asaz wäerte fir ëmmer an eiser Erënnerung bliéwen. Fir dem Grand-Duc Jean ze gedenken, géif ech lech elo bieden opstoen, fir eng Gedenkminutt.

Haut um I. Mee loosse mir, wéi de Guy de Muiser, Éierenhofmarschall, kierzlech an engem Interview gesot huet, de Kapp awer net hänken. Mir stellen dësen I. Mee an Éieren a Gedenken un ee virbildleche Familljemënsch, de Grand-Duc Jean.

Kolleginnen a Kollegen,

Dëse Rendezvous am Kalenner vum „neien“ LCGB ass en enorme Succès ginn. Är massiv Präsenz ass dee schéinste Merci deen Dir eis kënnt ginn.

E grouse Merci och un de Réimecher Buergermeeschter, de Jacques Sitz, an de ganze Schäfferot ewéi alleguerten de Mataarbechter vun der Gemeng, der Police an der Protection Civile.

Merci lech all fir d'Ënnerstëtzung bei dëser Organisatioun.

Kolleginnen a Kollegen,

Den I. Mee ass den Dag vun der Aarbecht, de schaffende Leit an hire Familien an domadder och den Dag vun de Gewerkschaften.

Den I. Mee wëlle mir als LCGB een Zeeche sëtzen, fir eisen Engagement am Interêt vun de Salariéen antrieden, fir eisen Engagement am Interêt vun de Leit alleguer antrieden an e kloren Message no bause ginn.

Den LCGB notzt als Gewerkschaft dëse Feiertag, dësen I. Mee, doriwwer eraus fir sai Familljendag ze organiséieren.

Dëse Mount, nächst Woch, hu mir hei am Land dann och e neien „Feiertag“ dobäi kritt.

Et ass dëst, Dir wësst et sécherlech all, den 9. Mee, den Europadag, deem d'Regierung als neien zousätzleche Feiertag zeréck behalen huet.

Mee Europa brauch méi ewéi ee Feiertag, wann et net a Schierbelen soll zerfalen.

Wa mir Enn des Mounts en neit Europaparlament wielen, ass d'Gefor grouss, datt d'Extremisten an d'Populisten eng considerabel Fraktioun an dësem Parlament kréien.

Eng dramatesch Entwécklung, an dat 40 Joer nodeems mir dat éischt Europaparlament gewielt hunn, wou dann d'Europagéigner sech géife fannen, fir géint d'europäesch Iddi virzegoen an dat mat nationalisteschen a populisteschen Theesen.

Europa brauch wierklech méi ewéi e Feiertag.

Europa brauch d'Akzeptanz vun den europäesche Bierger, den Europäer, an Europa brauch d'Bekanntnis vun de Regierungen an Europa zu dësem Projet.

Mir brauchen a ganz Europa eng Politik, déi dat Soziaalt op den selwechten Niveau setzt ewéi reng wirtschaftlech Interessen.

Den LCGB fuerdert dofir d'Lëtzebuerger Regierung onmëssverständlech op, sech fir e soziaalt Europa anzesetzen.

Den LCGB fuerdert, datt am Kader vun dësem Europawahlkampf, d'europäesch Iddi vum Mateneen nees an de Virdergrond gesat gëtt.

Europa brauch Glafwierdegkeet an Iwwerzeegung fir seng Iddien an Idealer.

Den LCGB steet zu Europa.

Den LCGB verlaangt ee soziaalt Europa, dat d'Fräiheete vu senge Bierger protegéiert.

Et ass fir den LCGB inakzeptabel, datt 100 Joer nom Enn vum éischte Weltkrich, 75 Joer nom Enn vum zweete Weltkrich, Intoleranz, Rassismus, Friemenhaass an nationalistesch Theesen erëm salonsfäeg sinn.

Dës al Geeschter benotzen haut déi neiste Medien an Technologië fir hiert Gëft ze verbreedden.

Déi europäesch Kommissioun hätt gutt gedoen, nieft hirer neier Reegelung iwwert den Dateschutz, och dës Elementer an hier Iwwerleeunge mat anzebezéien.

D'Extremisten an d'Populisten ënnergrüewen ënnert dem Deckmäntelchem vun der Meenungsfräiheet iwwerall an Europa déi Prinzipien, déi fir e friddlecht Mateneen solle suergen.

Eng Konsequenz vun esou enger Approche, de Brexit, ass eng Katastrophe fir ganz Europa an e fousst op Ligen, déi an Groussbritannien vun irresponsabele Politiker verbreet an och vun engem Deel vun der Press weidergedroe gi sinn.

Dës Entwécklung, déi Europa riskéiert Joerzénkten ze beaflossen an zeréck ze werfen an déi sech ganz staark negativ op déi kommend Generatioun wäert auswierken, muss Konsequenzen hunn.

Ligen a Populismus mussen an Europa zeréckgewise ginn.

Mir brauche vun den europäesche Regierungen net nëmmen en kloert an daitlecht Bekenntnis zur europäescher Integratioun, mir brauchen d'Ëmsetzung vum europäesche Projet. An dat op allen Niveau'en a ganz besonnesch am Sozialen!

Nationalismus a Friemenhaass duerfen och hei zu Lëtzebuerg keng Chancë méi kréien.

Eis Gesellschaft an eis Aarbechtswelt wieren ouni d'Frontalieren an alleguerten déi Matbierger, déi aus ville Länner hei op Lëtzebuerg schaffen a liewe komm sinn, net funktionsfäeg.

Mee doriwwer eraus besteet d'Zesummeliewen an enger Gesellschaft net nëmmen aus Aarbecht. Eis Gesellschaft wier ouni déi grouss Zuel vun neien an anere Kulturen hei am Land reegelrecht méi aarm.

Lëtzebuerg, eis Gesellschaft, ass duerch d'Immigratioun méi räich ginn, un Iddien, un Sproochen an un kultureller Vilfalt. Lëtzebuerg, muss seng Gesellschaft an deem Sënn weiderentwéckelen a mir brauchen dofir méi Inclusioun an allen Aspekter vun eisem Zesummeliewen.

Lëtzebuerg huet ganz staark prosperéiert an engem friddlechen Europa an dat zanter 1958, also 60 Joer. Dëst ass an der europäescher Geschicht eemoleg an duerf op kee Fall a Fro gestallt ginn.

Europa steet fir Fridden, Fräiheet an eng staark ekonomesch Entwécklung.

Europa muss och fir sozial Gerechtegkeet stoen.

Ouni Europa gëtt et kee Fridden a keng Fräiheet, an ouni Europa kann et och ni zu méi sozialer Gerechtegkeet kommen.

Déijéineg, déi mat nationalisteschen a populistesche Parolle géint d'europäesch Iddi virginn, déi Europa wëllen zerschloen, feieren d'europäesch Staaten am Endeffekt an de Krich.

Kolleginnen a Kollegen,

Lëtzebuerg, eist Land, ass am Fong Europa am Klengen.

An et gëllt och hei am Land op méi Integratioun an op méi Inclusioun an domadder op e bessert Mateneen hin ze schaffen.

Dëst gëllt fir alleguerten d'Beräicher, ons Sprooch, déi kulturell Entwécklung an natierlech och ganz besonnesch dat demokratescht Fundament, op deem eis Gesellschaft steet.

An de leschte Sozialwahlen ass vu ville Säite kritiséiert ginn, datt nëmme e knappen Drëttel vun de Wieler hiert Wahlrecht benotzt huet.

Ze vill oft ass d'Repräsentativitéit vun der Chambre des Salariés a Fro gestallt ginn. Mee wéi gesäit et dann mat eiser Deputéierte Chamber an hirer Representativitéit aus?

Ufank 2019 hunn 614.000 Leit hei am Land gewunnt. An nëmme 234.000 dovun hunn leschten Oktober un der Chamberswahl dierfen deelhuele.

Wéi representativ ass dann elo eis Chamber? An wéi demokratesch ass d'Fundament op deem dëst Land steet?

Den LCGB fuerdert dofir dat aktiivt a passiivt Wahlrecht fir alleguerten d'Matbierger hei am Land!

D'Regierung an d'Chamber sollen hei hier Responsabilitéit huelen a konsensuell Léisungen an dësem Kontext ausschaffen, fir se an enger neier Verfassung ze verankeren!

Dëst fir Lëtzebuerg méi demokratesch ze maachen an eis Chamber vun allen Awunner ze legitiméieren.

Dëst och, fir déi jorelaang Entwécklung, déi de Gruef tëscht Secteur Privé a Fonction Pulique ëmmer méi grouss gemaach huet, erëm op en Enn ze bréngen.

Dës reegelrecht sozial 2 Klassen-Politik hei am Land ass duerch absolut näischt gerechtfäerdigt, ausser duerch reegelrecht Panikattacke vun eise politesche Responsabele, wann et ëm hire Wahlscore geet.

Et bleift fir den LCGB en handfeste Skandal, datt dee Secteur, dee fir eise Wuelstand steet, deen d'Suen hei am Land erabrénge, dee Läschten ass, wann et bis drëms geet, eppes ze verdeelen.

Sozial Gerechtegkeet gesäit anescht aus!

Kolleginnen a Kollegen,

Den LCGB fuerdert d'Lëtzebuenger Regierung op, hire Budget erëm an den Equiliber ze bréngen.

Mir mengen domadder de sozialen Equiliber!

D'Regierung huet decidéiert, de soziale Mindestloun ëm 100 € Netto opzebesseren.

Dëst ass e Schrëtt an déi richteg Richtung, mee geet nach laang net duer, fir déi Leit, déi de Mindestloun hei am Land verdéngen, aus der Aarmutzone ze bréngen.

D'Regierung huet och decidéiert, d'Betriber steierlech ze entlaaschten, mee d'Salariéen an d'Rentner ginn nach emol waarde gelooss. Et freet een sech, wat dann hei iwverhaapt wäert ennerholl ginn.

An d'Regierung huet decidéiert, aus ëmweltpolitesche Grënn, d'Akzisen op Bensin an Diesel eropzesetzen.

Dës Decisiounen vun der Regierung hunn eise Budget an eng sozial Schiflag bruecht.

Den LCGB fuerdert vun der Regierung, e weidert konsequent Upasse vum Mindestloun iwwert de Crédit d'Impôts, fir sécher ze stellen, dass mir eis mam Mindestloun net méi un der Aarmutsgrenz beweegen.

Den LCGB fuerdert, en Upasse vun de soziale Prestatiounen a ganz spezifesch dem Kannergeld, fir déi cumuléiert Perte vun iwver 20% zanter 2006 auszegläichen.

Den LCGB fuerdert d'Regierung op, d'Salairer an d'Rente substantiell steierlech ze entlaaschten.

Mir wëlle keng Experimente mat ongewësselem Ausgang.

Mir fuerderen d'automatescht a reegelméisseg Upasser vun der Steiertabell un den Index.

Mir fuerderen eng substantiell Entschäerfung vum Mëttelstandsbockel fir déi kleng a mëttel Paier a Renten.

Den LCGB fuerdert doriwwe eraus en globalt Steierkonzept, dat d'Belaaschtung vun de Betriber an de Salairer erëm an e gerechten Equiliber bréngt.

D'Regierung ass mat hirer Akzisenpolitik am gaangen, aus dem ökologesche Problem e soziale Problem ze maachen.

Den LCGB refuséiert eng Politik, déi eis Fräiheeten aschränkt.

Eng Politik, déi d'Besserverdenger mat berouegtem Gewëssen am Individualverkéier weider « cruisen » léist an déi Leit mat klenger Revenu'en un de « gratis » öffentlechen Transport verweist.

E « gratis » öffentlechen Transport, deen op der enger Säit de Client näischt méi kascht, mee eben elo vum Steierzueler komplett bezuelt gëtt.

Esou eng Politik verlaangt awer och e qualitativt gutt funktionéierend Konzept, fir am Individualverkéier kënne mazzehalen.

Den LCGB fuerdert an dësem Kontext vun der Regierung e nohaltegt Konzept, dat op dem konsequenten Asaz vun erneierbaren Energien, op der Promotioun vun der Elektromobilitéit duerch en Netz vu Parkplaze mat Luetstatiounen an op enger Verkéierspolitik berout, déi den Individualverkéier esou weit ewéi méiglech op d'Elektromobilitéit bréngt.

Den LCGB fuerdert vun der Regierung endlech eng Logementspolitik, déi et zum Ziel huet, jonke Resident'en bezuelbare Wunnraum zur Verfügung ze stellen.

Et ass eng Katastrophe fir eist Land, wa mir déi kommend Generatiounen, déi hei am Land solle schaffen a liewen, systematesch an d'Groussregioun musse verweisen.

D'Offer un abordabele Wunnenge muss dofir besonnesch fir jonk Familien eropgesat ginn.

D'Instrumenter sinn do, et brauch een elo den néidege politesche Wëlle, fir dëst ëmzesetzen, der grenzloser Spekulation mat Bauland, Appartementer an Haiser muss endlech en Enn gesat ginn.

Och dat ass en Element vun der sozialer Gerechtegkeet an dësem Land.

Kolleginnen a Kollegen,

Den LCGB fuerdert doriwwer eraus d'Stärkung vun der Kafkraaft duerch eng Kollektivvertragspolitik, déi d'Remuneratioun verbessert.

D'Employeuren droe bei de Kollektivverträg eng ganz besonnesch Verantwortung.

D'Salariéen hunn en Recht op dezent Paien an gutt Aarbechtskonditiounen.

Den LCGB fuerdert an dësem Beräich ee kloert Engagement vum Lëtzebuerger Patronat, fir de Salariéen déi Unerkennung ze ginn, déi si ze gutt hunn duerch hiren alldeeglechen Asaz an de Betriber.

Den LCGB fuerdert, datt d'Patronat de Salariéen e gerechten Undeel un deene gudden bis excellenten Resultater zougesteet, déi duerch d'Aarbecht vun de Salariéen an de Betriber erschafft ginn.

Bei ArcelorMittal, bei der Cargolux, mussen schnellstens Léisunge fonnt ginn, fir déi bestoend Ongerechtegkeeten aus der Welt ze schafen.

Den LCGB steet fir eisen Indexsystem an.

Den LCGB fuerdert d'Patronat onmëssverständlech op, dat Gespills mam Index an de Kollektivvertragsverhandlungen ze ënnerloossen.

Dir Damen an Hären an de Chefetagen,

Den Index ass keng Lounerhéijung, mee e stellt den absolut néidegen Ausgläich fir d'Inflation duer.

Mir brauchen anstänneg Resultater an de Kollektivvertragsverhandlungen a keng Primmen oder Almosepolitik.

Kolleginnen a Kollegen,

Den LCGB ass duerch d'Sozialwahlen op ville Plätzen an d'Responsabilitéit komm.

Mir schaffen un Léisungen, mir stinn ëmmer bereet, fir am Kader vum Lëtzebuerger Modell zu Léisungen ze kommen.

Den LCGB huet seng Kompetenzen an de Verhandlungen ëmmer erëm konnten ënner Beweis stellen, notamment am Bussektor, wou eng nei gesetzlech Basis fir d'Pauseregelung op eis Initiativ zustane komm ass.

Dëst erlaabt et elo, d'Amplitude substantiell ze reduzéieren an de sektorielle Kollektivvertrag mat engem akzeptablem Resultat am Interêt vun de Buschaufferen ofzeschléissen.

Den LCGB fuerdert an der Aarbechtszäitorganisatioun méi Flexibilitéit fir de Salaré, déi deene verännerte Gegebenheete vun eiser Gesellschaft Rechnung dréit.

- duerch d'Cogestioun an der Planung tëscht der Delegatioun an dem Employeur;
- duerch en Urecht op Deelzäitaaarbecht;
- duerch méi a verbessert Horaire mobilen;
- duerch nei Aarbechtszäitmodeller, mat deene mir eng generell Aarbechtszäitverkierzung kënnen erreechen.

Den LCGB ass déi eenzeg Gewerkschaft hei am Land, déi fir d'Ofsécherung vun der Existenz vum Salaré an domadder och senger Famill antrëtt:

- duerch en alternative Modell wat de Chômage ugeet. Also d'Gestioun vun dem Sureffectif duerch eng Cellule de reclassement an travaux d'utilité publique;
- duerch eng Verbesserung vum Schutz vu kranke Salaréien;
- notamment duerch d'Ofschaffen am Privatsektor vun der 78-Woche Reegelung, déi et an der Fonction Publique guer net geet. Hei riskéiere Leit, déi schwéier, ganz schwéier krank sinn, och nach just an deem Moment hier Existenz ze verléieren.

Dës 78 Woche Reegelung ass a bleift en handfeste Skandal.

En handfeste Skandal och fir e sozialistesche Minister, deen ausser „Gepiddels“ an deem Dossier näischt fäerdeg bruecht huet.

Dem LCGB seng Fuerderung ass hei ganz kloer:

E Salaré muss kënnen krank gemellt sinn, bis en gesond ass an erëm kann schaffen goen oder am anere Fall eng Invalidérent kann kréien.

Den LCGB fuerdert d'strikt Gläichbehandlung tëscht der Fonction Publique an dem Privatsecteur.

Den LCGB fuerdert am Kader vun der Digitalisatioun, datt déi gréisst Erausforderung an eiser Aarbechtswelt, an den nächste Joren a Joerzénge maitriséiert gëtt an eng méi sozial an human Aarbechtswelt a Gesellschaft muss geschaaf ginn.

Den LCGB fuerdert kloer Moosnamen, fir datt Digitalisatioun eben net zu engem zousätzleche Gruef an eiser Aarbechtswelt an an der ganzer Gesellschaft féiert.

Den LCGB fuerdert, datt nei Aarbechtsformen ewéi den Télétravail an d'Plattformaarbecht kloer am Code du Travail definéiert ginn a refuséiert, datt d'Digitalisatioun zu Prekaritéiten an den Aarbechtsverhältnisser feiert.

Den LCGB fuerdert natierlech och den Zougang zur Sozialversécherung fir dës nei Aarbechtsformen, en Ofbau duerch Digitalisatioun kënt fir eis net a Fro.

Den LCGB fuerdert d'Stärkung vum Dateschutz an den absolute Schutz vun der Privatsphäre vum Salaré.

D'Digitalisatioun duerf net zu onbegrenzten Onméiglechkeeten an der Iwwerwachung feieren.

Den LCGB fuerdert d'Recht op dat digitaalt Ofschalte fir all Salaré.

Den LCGB fuerdert eng ergonomesch Gestaltung vun den Aarbechtsplazen am digitalen Zäitalter.

Den LCGB fuerdert en Urecht op Weiterbildung fir all Salaré. 10% vun der järelecher Aarbechtszäit sollen deemno fir d'Formatioun continue reservéiert ginn.

Den LCGB fuerdert, datt déi duerch Digitalisatioun erméiglecht massiv Produktivitéitssteigerungen zu enger genereller Aarbechtszäitverkierzung genotzt ginn.

Den LCGB fuerdert d'Ofsécherung vun den Existenze vun deene Salaréen, déi mat der technologescher Entwécklung net méi kënnen mathalen.

Den LCGB fuerdert, datt all dës Punkten tëscht Regierung, Patronat a Gewerkschaften diskutéiert a gereegelt ginn.

Mir fuerderen am digitalen Zäitalter also och eng « Tripartite » mam Sujet vun der Digitaliséierung.

Kolleginnen a Kollegen,

Den LCGB ass haut déi eenzeg Gewerkschaft, déi sech voll an ganz an den Interêt vum Privatsektor stellt an déi net zeckt, fir op d'Problemer an deem Sektor hinzeweisen, an déi op der anerer Säit, un Léisunge schafft a Propositione mëscht, déi zu méi sozialer Gerechtegkeet an deem Land féieren.

Den Interêt vum Member a vum Salarié steet am Fokus vun eiser Aarbecht.

Haut ass muer ass de Slogan, d'Leitmotiv, ënnert deem den LCGB déi lescht Sozialwahlen preparéiert huet.

Den LCGB huet en Encadrement konnte schafe mat eise Gewerkschaftssekretären an de Betriber, fir Delegéierten an d'Salarié à l'aise ze setzen an hinnen déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn.

Mir hunn eis Consultatioun, eisen Info-Center mat méi Mataarbechter an neien Déngschtleeschunge fir de Member esou equipéiert, datt si komplementar zur Aarbecht um Terrain an de Betriber kënnen schaffen.

Den LCGB huet doriwwer eraus seng Prestatiounen a Servicer staark ausgebaut a verbessert.

Den LCGB huet en Aktiounsprogramm op de Wee bruecht, deem de Salarié, Rentner a Studenten déi richteg Léisunge proposéiert an dee versicht, op d'Froen, déi sech eis haut an der Gesellschaft an an der Aarbechtswelt stellen, Äntwerten ze liwweren.

Kolleginnen a Kollegen,

Fir et direkt ze soen, d'Sozialwahlen vum 12. März hunn e formidabelt Resultat fir den LCGB mat sech bruecht.

Den LCGB, d'Kandidate vum LCGB, konnte vill Leit iwwerzeegen, datt d'Lëscht 2 de richteg Choix war.

Den LCGB huet d'Leit iwwerzeegt, datt Stärkt ouni Qualitéit an Kompetenz haut näischt méi kann bewierken.

Vun den 3.750 Kandidaten, déi den 12. März ugetruede sinn, sinn der 2.803 gewielt, dat sinn ëmmerhin 61 %.

1.165 dovunner als effektiv Delegéierten, wat e plus ass vun 200 Mandater par Rapport zu den leschten Delegatiounswahlen.

Qualitativ gesinn ass dat Resultat 2019 nach vill méi héich ze bewäerten ewéi 2013.

Mir stinn an der Verantwortung, also an der Majoritéit, op esou ville Platzen an de Betriber ewéi nach ni an der laanger Gewerkschaftsgeschicht vum LCGB.

Am Perimeter ArcelorMittal Lëtzebuerg, bei Goodyear, Dupont de Nemours, der Ceratizit, Keter, Husky, Vossloh, CTI Systems, am Bau bei Costantini, Karp Kneip, Lux TP, Perrard, der Soclair, an de Banken an Assurancen, bei BGL BNP Paribas, RBC, Raiffeisen, BP2S, Caceis, Clearstream Services, Crédit Agricole Indosuez, Crédit Suisse, an HSBC, JP Morgan Bank, Cardiff, La Mondiale, PKF, IBM PSF, bei Dussmann Services, Catering, Security a Lavador, bei der Luxair, Cargolux, bei Delhaize, Lidl an am Pallcenter, Batiself, Proximus, Paul Wurth, a Lamesch Sita Suez.

An all dëse Betriber a villen aneren, hunn d'Salariéen eis hiert Vertrauen entgéint bruecht an den LCGB zur majoritärer respektiv stäerkster Gewerkschaft gewielt.

Mir sinn am Secteur vun de Garage quasi um selwechten Niveau wéi eise Konkurrent, an der Navigation fluvial, am Bussecteur an am Gardiennage ass den LCGB haut d'Nummer 1.

Am Nettoyage si mir ganz staark weiderkomm.

An der Chambre des Salariés hu mir eis op 31,8% vun de Stëmme verbessert, datt ass e Plus vun 3,5%.

Mir hunn ganz ferme bäigeluecht am Grupp 1 (Sidérurgie) am Grupp 2 (Autres Industries), am Grupp 3 (Construction) an am Grupp 5 (Autres Services) an konnten an de Gruppen 2, 3 a 5 all Kéiers ee Mandat dobäi gewannen.

Mir hunn haut 18 Mandater an der Chambre des Salariés, dat sinn der 3 méi ewéi 2013.

Den 12. Mäerz 2019 war also wierklech en historeschen Dag fir den LCGB.

Mee dat excellent Resultat ass duerch den Asaz vun eise Kandidaten, Memberen a Militanten zustane komm.

Hinnen all, lech all hei am Zelt, stellvertriedend e ganz grouse Merci fir Är excellent Aarbecht an Ären onermiddlechen Asaz.

Dës Resultater stellen elo eng ganz gesond Basis fir d'Entwécklung vum LCGB duer.

Dës Resultater bedeuten awer och, datt mir der grousser Responsabilitéit gerecht mussen ginn, déi d'Salariéen eis elo operluecht hunn.

Den LCGB ass prett, fir mat anere Gewerkschaften an Organisatiounen, mat jiddwerengem hei am Land, kënnen zesummen ze schaffen.

Zesummeschaffe, fir Léisungen ze fannen am Interêt vun de Salariéen.

Eng Gewerkschaft ass kee Selbstzweck.

Den LCGB huet eng kloer Missioun, an ech versécheren all eise Memberen, datt mir elo nach mat méi Engagement, mat méi Efforten, eiser Aarbecht wäerten nogoen.

Den LCGB an seng ganz Equipe, seng Delegéierten, all senge Membere sinn duerch dese Succès héich motivéiert.

Nom Nationalkongress wäerte mir nei Projet'en presentéieren, mat neie Konzepter, déi des Gewerkschaft weider wäerten erneieren. Den « neien » LCGB wäert sech nach ganz staark weider entwéckelen.

2021 wäerte mir och de Centenaire vum LCGB feieren!

Kolleginnen a Kollegen,

Mir hunn des Sozialwale bestridden ouni Gepicks an ouni eis mat aneren ze vill ze beschäftegen.

Zu Esch ass Een lass marschéiert, deen den LCGB wollt dout machen.

Mission accomplie gesäit an deem Kontext awer anescht aus!

Den LCGB ass esou staark an esou lieweg wéi nach ni!

Mir hunn eis national Representativitéit net nëmme behalen, mee se eendeiteg ausgebaut.

Kolleginnen a Kollegen,

D'Sozialwahlen 2019 sinn de beschte Beweis, datt sech den Engagement vum LCGB lount.

Den LCGB trëtt fir den Interêt vun allen Salariéen, Rentner a Studenten, déi hei am Land schaffen, geschafft hunn oder nach schaffe wäerten an.

Den LCGB steet fir eng oppen, eng frei, eng demokratesch Gesellschaft.

Den LCGB fuerdert méi sozial Gerechtegkeet hei am Land.

Den LCGB fuerdert, datt mir haut d'Zukunft heiheim an a ganz Europa preparéieren, fir muer eise Kanner eng Welt ze hannerloossen, déi de Mënsch am Mëttelpunkt behält.

Dofir triede mir als Gewerkschaft an.

Haut a muer.

An datt schonns säit bal 100 Joer.

Dofir gëllt haut, muer an iwermuer:

Vive den LCGB!

Vive d'Membere vum LCGB!

Merci fir Är Opmierksamkeet.

Ech wënschen lech all nach e flotten Dag hei zu Réimech.